N°4636
Entrée le 18.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir den Interieur & Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit weiderzeleeden.**

Mir gouf vu Bierger zougedroen, dass Parkplaze bei Bëscher- respektiv Wanderweeër vu Campingcare respektiv Camperen fir d'Iwwernuechte genotzt ginn, obwuel et sech net ëm ausgewise Campingsplazen oder Aires de repos handelt. Dëse Phenomen schéngt sech net op eng eenzel Gemengen ze limitéieren, mee soll an de leschte Joren an e puer Regiounen zouhuelen.

Zousätzlech zu der rechtlecher Fro vum "wëlle campen" op net dofir virgesinne Plazen, gëtt et och konkret Ëmwelt- a Sanitärproblemer: en Deel vun de Camper geet zwar korrekt mat sengem Offall ëm, mee et gëtt och ëmmer erëm festgestallt, dass de Bësch als Toilette genotzt gëtt, wat besonnesch bei méi klenge Camperen (ouni eege sanitär Ausstattung) heefeg virkënnt. Dëst stellt en hygieenescht a landschaftlecht Problem duer.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass de respektive Ministèrë bekannt, dass op ëffentleche Parkplaze bei Bëscher- a Wanderweeër ëmmer méi dacks illegal iwwer Nuecht campéiert gëtt?
2. Gëtt et Donnéeën oder Rapporten (z.B. vun der Police, der Administration de la nature et des forêts oder de Gemengen) iwwer den Ëmfang vun dësem Phenomeen um nationalen Niveau?
3. Wéi gëtt aktuell kontrolléiert, ob d'Verbuet vum "wëlle Campen" op net dofir virgesinne Plazen agehale gëtt, a wéi eng Sanktiounen si virgesinn?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

4. Gesäit de Ministère e Besoin, zousätzlech Campingsplazen oder Aires de repos mat entspriechender Infrastruktur (Sanitäranlagen, Poubellen) auszeweisen, fir dëser Nofro no kuerzfristegem Iwwernuechtunge gerecht ze ginn?

5. Wéi gedenkt de Ministère géint d'Praxis virzegoen, datt de Bësch als Toilette genotzt gëtt, souwuel aus enger hygieenescher wéi och aus enger Ëmweltschutz-Perspektiv?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten